D'Kanéileliss vu Weier

D'Kanéileliss vu Weier
hat ëmmer fetzeg Gléck!
't hat net en eenz'ge Freier,
neen, 't hat direkt dräi Stéck!
Den een, dat wor de Schweinshiert,
deen anren handelt Kéis,
deen Drëtte wor e Klautgen
mat schweesseg Hänn, a Féiss!

Cinnamonlily from Weier
Was always such a lucky girl!
she didn’t have just one boyfriend
No, she had three of them!
The first one was a swineherd,
another one traded in cheese,
the third one was an idiot
With sweaty hands and feet.

D'Kanéileliss vu Weier
sollt kafe gon an d'Stad.
Du gonge vun de Freier
si allen dräi schéi mat.
Deen een deen huet choiséiert,
deen an're sot: 't ka gon!
Deen drëtten, dee konnt blechen
an nach de Päckchen dron!

Cinnamonlily from Weier
Went shopping in the city.
And all of the three boyfriends
Naturally came along.
The first one got to choose,
the other one said 'not bad!'
The third one was allowed to pay
and then to carry the bags!

Dididlidoll, strippches stroll, nach de Päckchen dron!

D'Kanéileliss vu Weier,
dat wor net grad esou.
't wor net mat engem Freier,
mä mat en alle frou!
Deen een, dee konnt et këssen,
deen an're këssen a méi,
deen drëtten konnt et kucken
an dat dong kengem wéi!

Cinnamonlily from Weier
Wasn’t really this sort of person.
She didn’t love just one boyfriend,
but she loved the three of them!
The first one was allowed to kiss her,
the other one, to kiss her and more,
the third one was allowed to look at her,
and this was harmless!

D'Kanéileliss vu Weier,
sollt dun e Këndche kréin.
Wien d'Schold hat woren d'Freier,
keng dräi mä nëmmen zwéin!
Deen een dat vor de Vueder,
deen an're wor de père,
deen drëtte wor e Rendvéi,
dee goung mat bei den Här!

Cinnamonlily from Weier
then was expecting a baby.
Guilty were the boyfriends,
not the three of them, but just two!
The first one was the father,
the other one was the dad,
the third one was a stupid cow,
who went with her to the priest!

Dididlidoll, strippches stroll, goung mat bei den Här!

D'Kanéileliss vu Weier
ass haut eng gräisslech Tut.
't ass frou datt vun de Freier
hatt nach dee leschte krut!
Deen een dee louss et setzen,
deen an're sot 'Gott vergelt's',
deen drëtten Iesel huet hat
säi Liewe laang um Pelz!

Cinnamonlily from Weier
has today become a fatty.
and how glad is she
to still have the last boyfriend!
The first one left her,
the second one said 'God repays',
but the third donkey
will stay with her all his life!